

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Säit ville Joeren gëtt zu Lëtzebuerg an och an Europa reegelméisseg iwver Antisemitismus debattéiert, dat net zulescht, well et leider ëmmer rëm zu deraarteg motivéierte Strofdote kënnt.

Dowéinst hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister:

- 1) Wéi eng Definitioun gëtt aktuell zu Lëtzebuerg applizéiert, fir antisemitesch motivéiert Strofdoten ze erfaassen? Spillt d'IHRA Definitioun vum Antisemitismus dobäi eng Roll a, wa jo, ginn d'Beispiller an där Definitioun vun der Justiz mat a Consideratioun gezunn?
- 2) Wéi vill antisemitesch motivéiert Strofdoten huet d'Police 2019 an 2020 zu Lëtzebuerg registréiert? Vu wéi enger Natur woren dës Strofdoten?
- 3) Zu wéi ville Verurteelunge kouw et 2019 an 2020 am Kader vun antisemitesch motivéierte Strofdoten a wéi eng Täterprofiller (Nationalitéit, politesch oder reliéis Motivatioun, an esou weider) konnten identifizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten